Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF

# Rapport: Generalversammlung 30. Juni 2021 19:00

Lëtzebuerg - Lampertsbierg 49, rue Ermesinde
Am Sall vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn (Centre Culturel Tramsschapp)
Mir soën de Lampertsbierger Geschichtsfrënn merci datt mir hierem Sall dierfen benotzen.

Uwiesend, stëmmberechtegt Vertrieder:

| | | |
|---|---|---|
| Biergerinitiativ Gemeng Kielen | Jerôme Reuter | Procuratioun |
| Biergerinitiativ Quo vadis Käerch | Jean-Claude Thies | Procuratioun |
| Comité Alstad | François Jaeger | Procuratioun |
| Lampertsbierger Geschichtsfrënn | Anicet Schmit | stëmmberechtegt |
| Les amis du Prieuré d'Useldange | Georges Majerus | Procuratioun |
| Mouvement Patrimonial | Paul Ewen | stëmmberechtegt |
| Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall | Suzette Schmit-Lehnertz | stëmmberechtegt |
| Sauvegarde du Patrimoine | Jorge Simoes | stëmmberechtegt |
| Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof | Mike Besch | Procuratioun |

Entschëllegt, stëmmbrechtegt iwwer Procuratioun:

| | |
|---|---|
| Industriekultur-CNCI | procuratioun un Biergerinitiv Quo vadis Käerch |
| Biergerinitiativ Gemeng Wäiswamich | procuratioun un Mouvement Patrimonial |

Uwiesend ouni Stëmm:

| | |
|---|---|
| André Kirsch | Comité Alstad |
| Jean-Paul Feilen | Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall |
| Jean-André Stammet | Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof |

Presse:

| | |
|---|---|
| Pierre Mousel | Lëtzebuerger Wort |

Déi 11 Member-Organisatiounen sin all vertrueden, direkt oder iwwer Procuratioun.
All Procuratiounen si korrekt an zoulässeg.
Et sin demno **11 Stëmmen** an deser Generalversammlung déi zielen.

**Dagesuerdnung:**

1 Approbatioun vun der Dagesuerdnung
2 Approbatioun vun den 2 Keessereviseuren fir den Exercice 2020
3 Aleedung vum President a Rapport Moral
4 Aktivitéitsbericht vum Joër 2020
5 Finanzbericht vum Joër 2020
6 Rapport vun de Keessereviseuren
7 Approbatioun vun de Konten 2020 an décharge vum Trésorier
8 Décharge vum Conseil d'administration
9 Nominatioun vun de Keessereviseuren (exercice 2021)
10 Festleeën vun der Cotisatioun fir d'Joër 2022 (aktuel as se 50.-)
11 Aktivitéiten am Laf vum Joër 2021
12 Budget fir d'Joër 2021
13 Divers a Froën

**1- Approbatioun vun der Dagesuerdnung**
D'Dagesuerdnung gëtt mat 11 Stëmmen ugeholl.

**2- Approbatioun vun den 2 Keessereviseuren fir den Exercice 2020**
An der Grënnungs- an éischter Generalversammlung 2020 waren nach keng Keessereviseuren genannt gin. De Conseil d'administration proposéiert dofir 2 Delegéiert vun neie beigetruedenen Organisatiounen:
Marlène Kreins (Industriekultur-CNCI)
Georges Majerus (Les amis du Prieuré d'Useldange)
Des zwee Freiwëlleger gin mat 11 Stëmmen ugeholl.

**3- Aleedung vum President a Rapport Moral** **(Annex 1)**
Den LDF President Paul Ewen mecht den Optakt vun der generalversammlung mat folgenden Punkten:

- Den Historique vum Entstoen vun der LDF
- Der LDF hier Objectiver a Revendicatiounen

Doniewt geet de President nach op d'Couverture an der nationaler Presse an. Dest sin enner anerem Arikelen a Reportagen iwwert d'Protestaktioun an och zur LDF.

Woxx den 01. Oktober 2020
Lëtzebuerger Wort den 3. Oktober 2020
a bei RTL Télé Lëtzebuerg den 21. Oktober 2020

-Erklärungen
D'Economie fonktionnéiert weint Denkmäler (Konschthistoresch an Architektur Besichtigungen)
D'Erhalen vun aler Bausubstanz ass eng Form vun Nohaltegkeet doduerger datt keng "energie grise" entsteht duerch Ofrappen an nees Opriichten.
Dat kulturellt Iewen am Land un hand vu senger baulecher Identitéit bewahren

Beim Ministère de l'Interieur e Moratoire verlangt esou wéi dat och mat der Archeologie geschidd. Hei gëtt den CNRA kuerzfristeg op e Chantier geruff sollt do en archeologesche Fond gemach gin. Beim Denkmalschutz misst och esou eng schnell Interventiouns-Equipe vum SSMN geschafe gin.

- Virstellung vun aktuellen Conseil d'Administration 2020-2022

| | | |
|---|---|---|
| Paul Ewen | President | (Mouvement Patrimonial) |
| Anicet Schmit | Vize-President | (Lampertsbierger Geschichtsfrënn) |
| André Kirsch | Secretaire | (Comité Alstad) |
| Jerôme Reuter | Tresorier | (Biergerinitiativ Gemeng Kielen) |
| Jean-Claude Thies | Secretaire adjoint | (Biergerinitiativ Quo vadis Käerch) |
| Jorge Simoes | Member | (Sauvegarde du Patrimoine) |

<u>-Virstellung vun den 11 Member-Organisatiounen</u>

| | |
|---|---|
| 6 Grënnungsmemberen | Biergerinitiativ Kielen<br>Biergerinitiativ Quo vadis Käerch<br>Comité Alstad<br>Lampertsbierger Geschichtsfrënn<br>Mouvement Patrimonial<br>Sauvegarde du Patrimoine |
| nei Beikomm 2021 | Industriekultur-CNCI<br>Les amis du Prieuré d'Useldange<br>Natur- a Geschichtsfrënn Ieweschte Syrdall<br>Syndicat d'Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof<br>Biergerinitiativ Gemeng Wäiswampich |

E slide weist weiderhin déi geografesch Verdeelung vun eisen Member-Organisatiounen.
3 déi national schaffen, 3 wou an der Stad Lëtzebuerg schaffen an 5 wou lokal an de Gemengen iwwer Land schaffen.

**4- Aktivitéitsbericht vum Joër 2020** **(Annex 2)**

Den André Kirsch (Comité Alstad) Secrétaire vu der LDF, presentéiert de Programm vun 2020.
Eng kuerz Beschreiwung vun de Preparatiounsversammlungen déi am Virfeld vun der Grënnung vun der LDF waren huet hien gemach bis dann den 13 Februar 2020 déi offiziell Grënnungsversammlung stattfond huet, wou déi 6 Grënnungsmemberen d'Statuten signéiert hun.
D'LDF konnt dann dono offiziell mat hierem Programm ufänken.
Desen war Corona bedingt natierlech stark ageengt an et konnten just 2 Conseil's Sëtzungen ofgehale gin. Och ass duerch de lockdown déi offiziell Presentatioun vun der LDF virun der Presse op 2021 verluet gin. Als eenzeg grouß Aktivitéit ass demno d'Participatioun vun der LDF bei der Demo "Den Denkmalschutz zu Lëtzebuerg fonktionnéiert nët" ze nennen. Des gouf vun Industriekultur-CNCI organiséiert. Mat genau deser Organisatioun hat d'LDF dann och Unnäherungs-Gespreicher an eng Zesummenarbecht ass do diskutéiert gin.
De genauen Programm ass an der Annex ze fannen.

**5- Finanzbericht vum Joër 2020**

De Jerôme Reuter (Biergerinitiativ Gemeng Kielen) LDF Trésorier, presentéiert de Finanzbericht vum Joer 2020. Ze soen ass d'éischt mol datt de Compte reischt am Dezember konnt opgemach gin sou daß net allzevill Operatiounen ze verzeechnen sin.
2 Organisatiounen haten schons virum Opruff hier Cotisatioun vun 2021 iwwerwisen an et gouff e groußzügegen Don. Bei den Ausgaben waren demno just d'Frais de compte ze verzeechnen.
De ganzen Detail ass an der Annex.

**6- Rapport vun de Keessereviseuren**

D'Marlène Kreins (Industriekultur-CNCI) léisst sech fir den owend entschëllegen. De Georges Majerus (Les amis du Prieuré d'Useldange) presentéiert kuerz déi schwéier Arbecht vun den 4 Positiounen am Finanzbericht a proposéiert der Generalversammlung fir dem Tresorier 'Décharge ze gin.

**7- Approbatioun vun de Konten 2020 an Décharge vum Trésorier**

D'Generalversammlung ass zefridden mat de Konten an Décharche vum Tresorier gëtt mat 11 Stëmmen ugeholl

**8- Décharge vum Conseil d'administration**
Décharche vum Conseil d'administration fir d'Joer 2020 gëtt mat 11 Stëmmen ugeholl

**9- Nominatioun vun de Keessereviseuren (exercice 2021)**
Et mellen sech den Georges Majerus (Les amis du Prieuré d'Useldange)
Et fend sech aktuel keen zweeten. De Conseil sicht demno nach een fir déi nächst Generalversammlung.
Den Här Majerus gëtt mat 11 Stëmmen ugeholl.

**10- Festleeën vun der Cotisatioun fir d'Joër 2022 (aktuel as se 50.-)**
De Conseil proposéiert fir bei 50.- fir 2022 ze bleiwen.
Des Propose gëtt mat 11 Stëmmen ugeholl.

**11- Aktivitéiten am Laf vum Joër 2021**
De President gëtt en Iwwerbléck zu den Aktivitéiten am Joer 2021. Well mir zur Zäit schons 6 Meint erof hun sin eng ganz Parti Aktivitéiten schons erlanscht. Den Detail doriwer kritt dir nächst Joer am Aktivitéitsbericht.
2021 sin virun allem mol nees Conseil's Sitzungen dei gehale gin.

Schons erlanscht ass déi offiziell Virstellung vun der LDF bei der Presse, eng retsch Zeitungs- an Fernsehredaktiounen hun sech do och fir e Bericht ugekënnegt gehat.

Och ass op enger Entrevue mat der Mme Minister Taina Bofferding vun der Innenpolitik déi schons am Mee war, iwwert 'Thema PAG diskutéiert gin.

Eng Entrevue mam Kulturministère ass dann eventuel fir den Hierscht geplangt.

Doniewt ass geplangt eisen Internetsite (ldf.lu) ze gestalten wou zur Zäit just linken op déi 11 Member-Organisatiounen sin.

An natierlech aner Organisatiounen motivéieren fir och bei der LDF Member ze gin.

**12- Budget fir d'Joër 2021**
Haptrecetten fir 2021 sin d'Cotisatiounen vun den 11 Member-Organisatiounen.
An desem Budget sin eventuel Subsiden vun der Stad Lëtzebuerg net berücksichtegt well net gewosst ass op mir do nach an den Delais'ën sin, mir mussen d'éischt op hier Lëscht kommen.

Bei den Depensen sin haptsächlech d'Ausgaben fir eisen Internetsite ze bemierken, doniewt Frais'ën an Taxen beim RCS/LBR.

Déi genau Oplëschtung ass an der Annex ze fannen.

**13- Divers a Froën**

13a Den Här Stammet (SILPS) proposéiert e Kontakt hierzestellen mat engem Journalist vun der Zeitschrëft "Wunnen"

13b Et gëtt eng länger Diskussioun betreffend PAG an eise Gemengen. Ophenkert ass déi nei Lëscht zu den Häiser op der PAG Lëscht wou geschützt solle gin. Hei sin eng Rei Gemengen

derbei déi hierer Fonktioun net Rechnung droë mee éischter méi opfrappen wéi schützen. D'LDF huet dat jo och schons bei der Mme Minister Bofferding bemängelt a sie gefroot fir hei ze intervenéieren.
Verschidden Beispiller kommen zur Sprooch grad wéi och d'Problemer wou Vereiner an och privat Leit gemach kréiën wa si sech fir den Denkmalschutz asetzen. Ganz schlëmm si verschidden Aschüchterungen duerch Gemengenresponsabel ze ernimmen waat an engem Rechtsstaat net geet. Dest wert och en Thema bei enger Entrevue mat der Mme Minister vun der Kultur a Justitz sin.

13c Et gëtt dann och iwwert dat neit Denkmalschutzgesetz geschwat watt schon längst sollt votéiert sin mee wou mir net wëssen wou et drun ass. De Staatsrod hat do nach Awänn ze machen.

Wann et dem LDF President no geet, da sollt den Denkmalschutz an déi nei Verfassung dra kommmen esou wéi dat an anere Länner scho längst de Fall ass (z.B. Schweiz wou den Heimatschutz e Bestanddeel vun der Verfassung ass)

13d Den Här Besch (SILPS) informéiert sech dann nach op bei national klasséierten Häiser an enger Gemeng, d'Gemengenauthoritéiten iergend eppes iwwer des Gebeier ze decidéieren hun?

Schluss vun der Generalverammlung um 21:00

Fir d'LDF
Jean-Claude Thies
secrétaire-adjoint

Annexen: 1- 4 Rapports vun President, Secrétaire an Tresorier

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun a.s.b.l.
c/o André Kirsch 30, rte de Luxembourg L- 6210 Consdorf
RCS Luxembourg: F12808; siège: Luxembourg-Ville
IBAN: LU23 0019 5855 4712 3000
www.ldf.lu email: info@ldf.lu

**Annex 1**

**Paul Ewen, LDF President**

# Aleedung vum Président a Rapport Moral

<u>- Den Historique vum Entstoen vun der LDF</u>
Op Basis vun enger Idee vun de Lampertsbierger Geschichtsfrënn hu sie an de Mouvement Partimonial sech mat aneren Organisatiounen getraff fir a Gespreicher gemeinsam Punkten ze beschwetzen, fir esou eng Dachorganisatioun kennen opzebauen.

En Austausch tescht dem Mouvement Patrimonial an der Biergerinitiativ Quo vadis Käerch gouf et den 8. Abrëll 2019 zu Käerch am Sëtz vu Quo Vadis. Austausch Treffen gouf et awert och mam Comité Alstad. Duerch hier Presenz am Mouvement Patrimonial waren déi aner Organisatiounen emmer mat agebonnen. Den 11 August 2019 huet de Mouvement Patrimonial dunn all des Organisatiounen op eng éischt Versammlung invitéiert.

Zesumme komm sin dunn déi 6 Organisatiounen fir dese Projet unzegoën. Dat sin:
Biergerinitiativ Gemeng Kielen asbl (Kielen)
Biergerinitiativ Quo vadis Käerch asbl (Käerch)
Comité Alstad asbl (Stad Lëtzebuerg)
Lampertsbierger Geschichtsfrënn asbl (Stad Lëtzebuerg)
Mouvement Patrimonial asbl (national)
Sauvegarde du Patrimoine asbl (national)

De Secrétaire geet herno mei genau op déi eenzel Réuniounen an.

<u>- Eis Objectiver, eis Revendicatiounen</u>
*(Dëss goufen an sech viirgedroen op fr. an deels op lëtzebuergesch)*

Objectiver :
"La fédération a pour objet principal la défense du patrimoine bâti et architectural au Grand-Duché de Luxembourg. Elle entend réaliser cet objectif en fédérant et regroupant toute association ou fondation sans but lucratif qui a inscrit statutairement la défense du patrimoine bâti et architectural au Grand-Duché de Luxembourg. La fédération peut, entre autres, faire le lien entre les associations-membres qu'elle fédère et les administrations, les instances politiques et publiques ou encore la presse et les médias ».

Revendicatiounen :
- Harmonisation et coordination des instruments légaux au niveau communal et national, voir aboutir à un SEUL INSTRUMENT de la protection du patrimoine bâti ;
- Protection automatique de tous les bâtiments avant une date spécifique (p.ex. 1945/1955 ou avec date de construction inconnue), avec levée de la protection aussitôt que l'administration étatique compétente a établi la non-présence de critères justifiant une protection. L'administration doit réagir très rapidement pour chaque demande de démolition ou de transformation (à l'instar des procédures du CNRA) ;
- Etablissement d'un inventaire scientifique publié et respecté dans les faits ;
- Reconnaissance du principe d'utilité publique et d'intérêt général du patrimoine bâti car : aucune production culturelle n'est plus visible et utilisée dans la vie de tous les jours que le bâti ;
- Reconnaissance de la valeur économique et touristique du patrimoine bâti ;
- Reconnaissance de la conservation du patrimoine bâti comme acte de développement durable.
- Education sur la patrimoine bâti : programmes scolaires à adapter ;
- Recherche de systèmes alternatifs et complémentaires de financement (subsides, lotterie, fonds du patrimoine,…)

**Annex 2**

**André Kirsch, LDF Secrétaire**

# Aktivitéitsbericht 2020 – AG 30.06.2021

Verschidden Präpratiounsersammlungen:
8. Oktober 2019 19:00 op de Siewebueren an der Stad
2. Dezember 2019 19:00 op de Siewebueren an der Stad
16. Januar 2020 19:00 op de Siewebueren an der Stad
→ Ausschaffen vun de Satuten, Numm etc

Grënnungsversammlung an eischt Assemblée Générale:
13. Februar 2020 19:00 op de Siewebueren an der Stad
→ Statuten gin ennerschriwwen an den eischten Conseil d'administration gewielt

1. Setzung vum Conseil d'administration:
5. März 2020 op 49, rue Ermesinde (Lampertsbierg)
→ geigenseitegt Kenneléieren an Verdelung vun de Chargen
→ Internetsite an Emailadress funktionnéiert schon
→ öffentlech Virstellung vun der LDF get geplangt

Austausch LDF an IK-CNCI:
10 September 2020 am CCR Dudelange

Oganisatioun Protestaktioun mat IK-CNCI:
21. September 2020 am CCR Dudelange
→ Protestaktioun fir den Erhalt vum Patrimoine bâti ganz allgemeng am Kader vun der Journées du Patrimoine
→ Ausschaffen vun engem Pressedossier

Gemeinsam Protestaktioun:
3. Oktober 2020 an der Uewerstad (18 organisatiounen)

Comitéssetzung:
8. Dezember 2020 um Lampertsbierg
(aner geplangten Comités-Setzungen Corona-bedéngt ofgesot)
→ Bankkonto as aktiv
→ Präsentatioun vun der LDF get am Januar 2021 geplangt
→ Eng Entrevue mat der Innenministesch Taina Bofferding get virbered
→ Nach keng nei Memberen opgeholl, ofwaarden bis offizell Präsentatioun